



Här Fernand Etgen  
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 6. Mee 2020

Här President,

Esou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, géif ech lech bieden dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderleeden.

An enger Pressematdeeling vum 24. Abrëll 2020 huet et vu Säiten vun der LuxairGroup geheescht, dass hiren aktuellen Generaldirekter den 1. Juni 2020 a Pensioun géif goen.

10 Deeg drop gouf du schonn den neien Generaldirekter proposéiert. Am offizielle Communiqué heescht et dozou :

« Monsieur Giovanni Giallombardo, Président du Conseil d'Administration de LuxairGroup, a le plaisir d'annoncer, après concertation avec les actionnaires, qu'il entend faire la proposition de nommer lors d'une réunion extraordinaire du Conseil d'Administration qui se tiendra très prochainement, Monsieur Gilles Feith en tant que Directeur général de LuxairGroup à partir du 1er juin 2020.

Monsieur Gilles Feith, actuellement Coordinateur général de la défense auprès du Ministère des Affaires étrangères et européennes – Direction de la Défense, sera appelé à mener LuxairGroup dans cette période de changements. Il apportera à LuxairGroup son expérience confirmée de gestionnaire pour faire face aux défis futurs. »

**Well de Lëtzebuenger Staat bal 40% vum Kapital vun deem Grupp hält a well se eiser Meenung no vun nationalem Interessi ass,** erlaben ech mir folgend Froen un den Här Minister stellen:

- Kann de Minister mir erklären, ob den Depart vum aktuelle Generaldirekter op den 1. Juni 2020 vu laanger Hand geplangt war oder net?
- Hat de Minister Kenntnis vu méigleche personelle Changementer um Niveau vum Management vum LuxairGroup an deem Moment, wéi de proposéierten Generaldirekter als Responsabelen fir d'Logistik vun der Cellule de crise Covid-19 genannt ginn ass?
- Gouf et fir d'Neibesetzung vum Posten vum Generaldirekter eng Ausschreibungsprozedur?

○ **Wa jo,**

Wier et méiglech dozou méi Detailler gewuer ze ginn?

Hate sech och nach aner Kandidaten fir dee Poste gemellt?

Waren ënnert de Kandidaten och Leit vum LuxairGroup selwer?

Wéi ee Profil huet de LuxairGroup spezifesch gesicht, i.e. wéi eng Qualifikatiounen, Kompetenzen an Erfahrungswerter sollt de Successeur virweise kënnen?

○ **Wann nee,**


Firwat net?

Wier et net méi „normal“ gewiescht sech an turbulenten Zäiten an och fir d'Sortie de crise ze präparéieren, méi Zäit ze loossen beim Choix vun engem Nofollger?

Wann net, firwat huet dat ganzt misse sou séier goen?

- Huet den Här Minister de proposéierte Kandidat selwer an d'Spill bruecht? Gouf et dofir e Regierungsbeschluss, respektiv war d'Neibesetzung vum Posten vum Generaldirekter e Sujet am Regierungsrat? Wa jo, wéi eng Positioun huet d'Regierung dozou ageholl?
- Wéi hu sech d'Häre 1. Regierungsrat an Regierungskommissär fir d'Luxair S.A. zu der Kandidatur positionéiert?
  - Gouf et am Virfeld eng Ofsprooch tëscht béide Verrieder vum Staat an dem Minister?
  - Gouf et irgendwellech Direktive vum Minister u dës staatlech Verrieder ?
    - Wa jo, wéi eng?
    - Wann nee, gëtt de Minister net am Virfeld iwwe sou Virgänger informéiert? Gëtt de Minister de Beamten ni Direktiven mat op de Wee?
- Wëssend dass den proposéierte Generaldirekter aktuell Direkter vun der Défense ass, kënnt et beim LuxairGroup zu enger neier strategescher Ausriichtung a Richtung Militär? Wéi eng strategesch Neiausriichtung erwaart de Minister sech vum LuxairGroup?

Mat déiwem Respekt,



**Serge WILMES**  
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff  
Service des séances plénières et  
secrétariat général  
Tél : 466.966.223  
Fax : 466.966.210  
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec le Parlement  
Luxembourg

Luxembourg, le 07 mai 2020

Objet : Question parlementaire n° 2163 du 06.05.2020 de Monsieur le Député Serge Wilmes  
- Nomination d'un nouveau directeur général à la tête du groupe Luxair

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen  
Président de la Chambre des Députés